Le caractère urgent de la question a été reconnu (10.02.2021)

n° 3602

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

REÇU
Par Alff Christian , 09:43, 10/02/2021

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den Educatiounsminister an un de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

Säit Ufank dëser Woch sinn d'Schüler bekanntlech nees am Home-Schooling. Mengen Informatiounen no ass den Accès zum Internet awer net fir all Schüler garantéiert - sief et, dass net all Haushalt en Internetuschloss huet, sief et, dass d'Bandbreet a bestëmmte Stroossen oder Uertschaften fir Visiokonferenzen net duer geet, besonnesch dann, wa méi Leit gläichzäiteg am Internet ënnerwee sinn.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Regierung stellen :

- Ass no der éischter Phas vum Home-Schooling e landeswäit representativen Etat des lieux iwwer den Accès vun de Schüler zum Internet gemaach ginn ? A wa jo, wéi eng Conclusioune sinn doraus gezu ginn ?
- Weess d'Regierung vu Schüler, déi an hirer Wunnecht keen Accès zum Internet hunn a wat huet se ënnerholl fir ze assuréieren, dass des Schüler kënnen um Distanzunterrecht deelhuelen ?
- Huet d'Regierung Kenntnis vu Plazen am Land, wou et Problemer mam Internetréseau respektiv der maximaler Bandbreet gëtt ?
- Wa jo, wou sinn des Plazen a wat huet d'Regierung bis elo ënnerholl, fir sécherzestellen, dass den Distanzunterrecht och hei ka funktionéieren ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 11 février 2021

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

REÇU
Par Alff Christian , 14:17, 11/02/2021

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L - 2338 Luxembourg

**Concerne : question parlementaire urgente n° 3602 de Madame la Députée Martine Hansen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse commune, des ministères impliqués, à la question parlementaire posée par l'honorable Députée Martine Hansen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vum Kommunikatiouns- a Medieminister op d'parlamentaresch Fro Nr. 3602 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

**Ad 1) an 2)**

D'Enseignanten goufen e puer Mol an deene verschiddene Phasen opgeruff bei de Schüler respektiv den Elteren nozefroen wie mat technesche Geräter equipéiert ass a wien net. Fir de Fall, datt et hei nach ëmmer vereenzelt Problemer géing ginn, besteet nach ëmmer d'Méiglegkeet fir iwwer den Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE) dëse Schüler en Apparat zur Verfügung ze stellen. D'Enseignanten goufen donieft opgefuerdert fir Teams-Gruppen ze erstellen an de Kanner an Elteren déi néideg Explikatiounen an deem Kontext ze ginn.

Detailer zu groussen Deeler vun dësen Informatiounen kann déi honorabel Deputéiert iwweregens an de Äntwerten op d'parlamentaresch Froen Nr. 2066, 2209, 2466, 2904, 3208, 3387 an 3583 noliesen.

**Ad 3) an 4)**

Lëtzebuerg ass ee vun de bescht-connectéierte Länner an Europa an ee vun de Virreider-Länner wat den Uschloss mat ultra-héijem Debit un den Internet ugeet. Mir verweisen hei och nach eng Kéier op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3208 wou dës Thematik schonn eng Kéier beliicht gouf. Sou si schlecht ugebonne Stéit haut d'Ausnam an um Site vum Geoportail[1] kann ee sech e Bild vun der aktueller Situatioun vum Internet-Accès an vun de verfügbare Vitesse maachen. Et sief och rappelléiert, datt et eent vun den Ziler vun der Regierung ass, datt all Stot zu Lëtzebuerg iwwert en Accès vun op mannst 100 Mbps op den Internet zougräife kann an dat iwwert déi ënnerschiddlech lokal verfügbar Technologien.

Et sief och drun erënnert, datt all Bierger d'Méiglechkeet huet d'Qualitéit vu sengem Reseau ze moossen. Den ILR, deen als Regulateur fir den Telecommarché aktiv ass, stellt dofir zanter 2017 den Outil "checkmynet.lu" zur Verfügung. Domat kann all Bierger d'Qualitéit an den Debit vu sengem fixen a sengem mobillen Internetuschloss testen.

Lëtzebuerg huet an de leschte Joerzéngte kontinuéierlech an eng héichwäerteg Connectivitéit investéiert. D'Regierung ënnerstëtzt an dësem Kader d'LU-CIX, déi als Lëtzebuerger "Internetknuet" derbäi hëlleft den Internettrafic ze vereinfachen, andeems de lokalen Trafic tëscht deene lokale Reseauen op kuerzem Wee lafe kann. D'LU-CIX huet dann och parallel zum Lockdown

[1] Site www.geoportail.lu > Portail général > Infrastructure et communication > Internet ultra-haut débit: https://map.geoportail.lu/theme/main?lang=en&version=3&zoom=9&X=725801&Y=6417057&rotation=0&layers=670&opacities=0.75&bgLayer=basemap_2015_global

nei Spëtzten an hirem Trafic miesse kënnen. Zu kengem Moment war et awer hei zu enger Saturatioun vun dësem nationalen Internetknuet komm.

Den ILR huet am Kader vum Lockdown respektiv de weidere Covid-Restriktiounen d'Situatioun vun de Reseauen am A behal. Et goufe méi Miessungen ënnerholl wéi an de vergaangene Joren. Hei ass de gesamten Telekommunikatiouns- an Drogentrafic ofgedeckt, also och den Drogentrafic mam Ausland. Sou gouf och hei festgestallt, datt insgesamt d'Réseauen Stand gehalen hunn. De Service Mediatioun vum ILR huet iwwert den Zäitraum, deen an dëser parlamentarescher Fro ugeschwat gëtt, kee Fall gemellt kritt.

Et sief och drop higewisen, datt net all Problem mat enger schlechter oder lueser Connectivitéit op der Säit vum Operateur ze dinn huet. Um Niveau vun de Stéit kann ee schlechten Emplacement vum WiFi-Modem derzou féieren, datt innerhalb vun enger Wunneng d'Bandbreet negativ beaflosst gëtt.